# Leitbild vum Zentrum Fünfbrunnen

**Op der Erënnerungsplaz an am Bildungszentrum Fünfbrunnen**

- wësse mir ëm d'Eenzegaartegkeet vun der Plaz vu Fünfbrunnen an der Geschicht vun der Shoah zu Lëtzebuerg,
- si mir eis der Verantwortung, déi d'Generatioune vun haut par rapport zur Geschicht vun der Shoah an der Plaz Fünfbrunnen hunn, bewosst,
- schafe mir eng pedagogesch Offer am Gedenken un déi Verbriechen, déi am 2. Weltkrich do stattfonnt hunn,
  - a schaffen dobäi zesumme mat der jüdescher Communautéit,
  - am Respekt, dee mir den Affer, hiren Nokommen a Familljememberen entgéint bréngen,
  - an der deementspriechender Haltung déi mir am Kader vun all eisen Aktivitéiten anhuelen,

**vereenege mir historesch-politesch Bildung a Mënscherechtsbildung am Respekt vun eise Wäerter.**

- orientéieren eis dobäi un der Allgemenger Erklärung vun de Mënscherechter,
- sinn iwwerzeegt dovun, dass Demokratie als gesellschaftlech a politesch Organisatiounsform gestäerkt soll ginn,
- sinn iwwerzeegt dovun, dass Mënscherechter als Fundament vum Zesummeliewe gestäerkt solle ginn.

**Op professionell Aart a Weis**

- schaffe mir no de Prinzipie vum Beutelsbacher Konsens,
- no den pädagogeschen Prinzipien aus dem Referenzkader fir d'non-formal Bildung,
- leeë Wäert op Wëssenschaftlechkeet, interdisziplinär Zesummenaarbecht an eng konsequent Qualitéitssécherung,
- schätzen d'Zesummenaarbecht mat aneren Acteuren déi thematesch mat eis verbonne sinn oder aus der Regioun kommen,
- si mir eng léierend Équipe, déi oppen ass fir nei Weeër an hir Expertise konstant ausbaut,

**weise mir no bannen a no baussen Haltung**

- leeë Wäert op eng konstruktiv Zesummenaarbecht an där mir Versteesdemech fireneen opbréngen an Ënnerscheeder aushalen,
- begéinen eis op Aenhéicht,
- liewe Participatioun,
- gi mat guddem Beispill a mat enger positiver, ënnerstëtzender Haltung vir,
- kommunizéieren Entscheedungen transparent,

**a schaffen am Intérêt vun eisen Zilgruppen.**

- mat Kanner, Jugendlechen an Erwuessenen,
- heesche jidderee wëllkomm,
- uechten op de Respekt an de Schutz vun eisen Zilgruppen,
- orientéieren eis un hiren Interessen a Bedierfnisser,
- leeë Wäert op ganzheetlecht Léieren, eegeverantwortlecht Handelen an Nohaltegkeet.